

Creos lanciert ALVA, ee Smart Grid KI Zwilling

Lëtzebuenger Netzbedreier ënnerhëlt grouse Sprong a Richtung vu KI-gestützter Energieverdeelung a -management

Lëtzebuerg, 8 September, 2023 –

Creos, de féierenden Netzbedreier zu Lëtzebuerg, annoncéiert déi erfollegräich Aféierung vun ALVA, engem Smart Grid KI Zwilling (<https://www.datathings.com/alva/>). Dëse Meilestee kënnt no jorelaanger Kooperatioun mat DataThings, enger Firma spezialiséiert ob d'Entwécklung vun digitalen Zwillingen a KI Léisungen, gegrënnt vu fréiere Wëssenschaftler vum SNT Grupp vun der Uni Lëtzebuerg. Et ass och ee grouse Schrëtt am Engagement fir eng méi effizient, zuverlässeg an nohalteg Energieversuergung.

D'Stroumversuergung stänneg ze sécheren ass eng konstant Erausforderung fir d'Ingenieuren an d'Ingenieurinnen, déi gärën ënnerschätzt gëtt. De Wiessel zu erneierbarer Energie esou wéi de Plus un Elektroautoen a Wärmepumpelen féieren zu enger immenser Belaaschtung fir d'Verdeelernetz. Dëst suergt fir een enormen Drock fir d'Maintenance a Stabilitéit vum Stroumnetz. Dëse Paradigmewiessel an der Benotzung vun der elektrescher Energie mécht et ëmmer méi schwierig een zuverlässeg Bléck ob de Status vum Stroumnetz ze hunn an informéiert Viraussoen ze maachen.

ALVA, eng kënschtlech Intelligenz (KI) um neiste Stand vun der Technik a "Made in Luxembourg", erméiglecht eng digital Kopie als Representatioun vum physikaleschem Stroumnetz. Dëse Smart Grid KI Zwilling erlaabt et der Creos d'Verdeelernetz ze iwwerwaachen, ze optiméieren, Viraussoen zu potentielle Probleemer ze maachen an hëlleft esou fir de Creos-Clienten eng zuverlässeg an onënnerbrachen Stroumversuergung ze garantéieren. Mat ALVA, ënnerhëlt Creos ee grouse Sprong fir d'Asetze vu KI, an der Digitaliséierung vum Energiesecteur.

"D'Aféierung vun ALVA ass ee wichteg Schrëtt an eisem Effort fir fortschrëttleg an effizient Energieléisungen ze bidden an hëlleft fir eist Stroumnetz méi effizient ze geréieren" erkläert den Yves RECKINGER, Smart Grid Manager bei Creos. "Andeems mir de Pouvoir vun der KI an der Technologie vum digitalen Zwilling notzen, kënne mir eist Netz besser managen, Anomalien detektéieren a potentiell Probleemer ugoen iert des eskaléieren, an

esou eng méi stabil an zuverlässig Energieversuergung garantéieren”, ergänzt de Robert GRAGLIA, Chef vum Netz Support.

D’Aféierung vun ALVA steet am Aklang mat dem Engagement vu Creos fir eng méi nohalteg an umweltfrëndlech Energieverdeelung. D’KI-gedriwwen Technologie wäert dem Netzbedreier hëllef fir sech der ëmmer méi grousser Demande no erneierbarer Energie unzupassen, z.B. der Photovoltaik, a vereinfacht d’Integratioun vun dëser an d’Stromnetz. Zousätzlech, wäert ALVA hëllef fir Energieverloschter ze reduzéieren an den Impakt vun der Energieverdeelung op d’Ëmwelt ze miniméieren.

Den Engagement vun Creos fir Innovatioun a Benotze vu modernster Technologie ass evident an der Partnerschaft mat DataThings, der Firma hannert ALVA. Dës Kooperatioun representéiert eng gemeinsam Visioun fir eng méi intelligent an nohalteg Energie vun der Zukunft.

Ob Basis vun engem positiven Aarbechtsverhältnis tëscht Creos an DataThings ronderëm ALVA, huet Encevo 2019 ee komplementären Invest vun Egekapital an DataThings gemaach.

“De Wirtschaftsminister begréisst déi erfollegräich Aféierung vun “ALVA”, der ob künstlecher Intelligenz basierter digitaler Zwilling Léisung fir de Smart Electricity Grid, déi an Zesummenaarbecht vun DataThings a Creos entwéckelt gouf. D’Kärgeschäft vun DataThings steet am perfekte Accord mat der Date-gedriwwener Strategie vun der Regierung fir eng zuverlässig an nohalteg Wirtschaft. An dësem Kontext profitéiert d’Firma vum Support duerch de Wirtschaftsministère a vu verschiddene Finanzéierungen ewéi Subventiounen. D’Firma ass ee perfekt Beispill ewéi Date-gedriwwen Betreiber zu Lëtzebuerg kënnen floréieren.”

Wirtschaftsministère

“Ech gratuléieren DataThings fir d’Entwécklung vun ALVA, dem digitalen Zwilling fir Stromverdeelernetz vu Creos. D’Elektrizitéit spillt eng zentral Roll an der Energietransitioun mat dem Smart Grid als Réckrad. Oft als selbstverständlech ugesinn, kann et séier een Flaschenhals duerstellen, falls et net adequat entwéckelt a bedriwwen gëtt. Digitaliséierung ass de Schlëssel fir een effizient Management vum Netz an d’Optiméiere vun der Schnëttstell mat den Notzer.”

Claude TURMES, Minister fir Energie

Fir méi Informatiounen zu Creos: www.creos.net.

Fir méi iwwer ALVA gewuer ze ginn: <https://www.datathings.com/alva/>.

Iwwer Creos Lëtzebuerg S.A.

Creos Luxembourg S.A. (Creos) ass ee Bedreier fir d'Stroum- an d'Gasnetz zu Lëtzebuerg. D'Missioun vu Creos ass eng zuverlässeg an transparent Verdeelung vun Energie am Stroum- a Gasnetz am Grand-Duchée. Dës Missioun gëtt am Aklang mat allen Zouliwwerer an den Obligatiounen vum öffentliche Service an der Protektioun vun der Ëmwelt duerchgefouert.

Zousätzlech zur Entwécklung an dem effiziente Management vun hirer Infrastruktur, engagéiert sech Creos och fir de Marché méi no beieneen ze bréngen a fir méi Kooperatioun um regionalem Niveau.

Creos ass sech den ekonomeschen, sozialen an den Ëmwelt Challenge bewusst, an engagéiert sech zënter Jore fir Prinzipien vun der nohalterger Entwécklung. CSR-Grundlage baséieren ob der Missioun an de Valeure vu Creos a sollen d'Evolutioun vun eiser Societéit effizient ënnerstëtzen. Den Alldag vun der Firma ass gezechent vum Respekt, dem Ekippegescht, dem Engagement an der Exzellenz.

Haut beschäftegt Creos 860 Employéen a bedreift méi wéi 10.500 km elektresch Linnen a méi wéi 2.200 km Gaslinnen.

Creos Luxembourg S.A.

(+352) 2624-8777

communication@creos.net

Iwwer DataThings

2017 vu fréiere Wëssenschaftler vum Interdisciplinary Center for Security, Reliability and Trust (SnT) vun der Uni Lëtzebuerg gegrënnt, huet sech DataThings an der Entwécklung vun effiziente KI Zwillingen, baséierend ob der GreyCat Technologie, spezialiséiert. D'Missioun vun DataThings ass d'Entwécklung vun intelligente Software Systemer fir äre Daten an ëmsetzbar a wäertvoll Ablécker ze transforméieren fir iech dobäi ze ënnerstëtzen, déi beschten operationell Décisiounen ze huelen.

DataThings S.A.

(+352) 20 60 03 15

contact@datathings.com